



I-2004-0-11-0459-01 (277)

Auteur : Aly Jaerling
Dag : 12. am Heemount 2005
Ulass: Debatt iwwert d'Sportsgesetz

3

Motioun

D'Volleksvertriederkummer

- gesäit am Bénévolat en onverzichtbart Element vum gudde Fonctionnement vun eiser Gesellschaft an alle Beräicher;
- begréisst, datt dat neit Sportsgesetz d'öffentlech Hand verflucht de Bénévolat am Sportsberäich ze ënnerstëtzen;
- ass iwwerzeegt vun der Noutwennegkeet d'ëierenamtlech Aarbecht am associative Beräich ganz allgemeng, a net nëmmen am Sportsberäich, duerch e favorabele sozialen a legale Kontext, ze fördern;
- erënnert un d'« Proposition de loi portant institution d'un congé associatif » vum 06. am Chrëschtmount 2000;

fuerdert d'Regierung op

- der Volleksvertriederkummer e kohärent Konzept fir d'Förderung vum Volontariat virzeleeën;
- den associative Secteur als legitime Gesprächspartner am politeschen Entscheidungsprozess ze berücksichtegen;
- eng öffentlech Promotiounscampagne op d'Been ze stellen, déi den ëierenamtlechen Engagement vun de Bierger valoriséiert;
- e sougenannte « congé associatif » anzeféieren, vergläichbar dem « congé sportif »;
- de legislative, fiskalen a budgetäre Kader vum ëierenamtlechen Engagement ze verbessern, haaptsächlech duerch Infrastrukturen, déi zur Verfügung gestallt ginn, duerch d'sozial Ofsécherung vu Bénévolen an duerch d'Reckerstattung vun de Käschten, déi hinnen an hirer Tätegkeet entstinn.

A. Jaerling

G. Gibéryen

R. Mehlen

J.-P. Koepf

J.-Y. Henckes